# Opruff un déi Jugendlech

***Du gees gäre babysitten oder du bitts anere Schüler Nohëllef un?***
**→Da mell dech am Sekretariat vun der Gemeng!**

Mir erstellen op eisem Internetsite e Volet, op deems de dech kanns virstellen.

Interesséiert Eltere kënne sech dann am Sekretariat mellen a kréie vun eis deng Kontakt-Donnéeën.

Fir dech anzeschreiwen, schéck eng Mail op
**secretariat@manternach.lu**
an däers de ugëss:

- Däin Numm
- Däin Alter
- Sproochen déi’s du schwätz
- Disponibilitéit
- Kontakt – Telefon oder Mail



**Wichteg Informatiounen déis de eis muss uginn:**
**Fir de Babysitting:**
Hues du e Babysitter-Cours gemaach?
Hues du Erfarung?

**Fir d’Nohëllef**
Op wéi enger Klass bass du?
Fir wéi eng Fächer respektiv wéi eng Klasse bitts du Nohëllef un?





GEMENG manternach

*Andeems de dech op Grond vun dësem Opruff bei der Gemeng als Babysitter/Nohëllef mells, erkläers de dech domat averstanen, dass d’Donneeën, déi’s de ugëss, am Kader vum Gesetz vum 25. Mee 2018 ofgespäichert an zum virgesinnen Zweck vertraulech genotzt ginn.*